PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 4ten Dezember 1990 iwwert d'Organisatioun vun den Dierwiechter an dem ofgeännerte Reglement vum 24ten Januar 1991, ginn d'Präisser, déi Dierwiechter dierfe froen, festgehalen. Mir goufe verschidden Ofrechnunge vun Dierwiechter virgeluecht, déi honnerten Euro héisch waren. Alleng fir den "reçu à l'étude" an d' "coûts de l'act" goufen an engem Fall 514€ verrechent - woubäi d'Schold selwer awer nëmmen 165€ héisch war. Dës Rechnunge sinn natierlech schwéier ze bezuelen, fir déi Leit, déi scho kee Geld méi hunn, fir déi Rechnungen ze bezuelen, déi agedriwwe ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Mussen d'Dierwiechter hir Bilane publizéieren?
2. Wéi vill verdéngen Dierwiechter an der Moyenne an engem Joer?
3. Ass d'Ministesch der Meenung, dass d'Montanten, déi am oofgeännerte Réglement vun 1991 festgehaale sinn, ubruecht sinn?
4. Ass virgesinn dës Montanten no ënnen ze revidéieren?
5. Ass de Benefice vun de Bureau d'études vun den Dierwiechter limitéiert?
   Wann net, wat sinn d'Moyennen u Benefice pro Joer vun de Bureau d'études vun den Dierwiechter?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député